N° 8131
Entrée le 05.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Mir si Fäll zougedroe ginn, wou Leit, déi ee Kiné am Ausland opsiche, mat laange Remboursementsdelaie bei der CNS an der CMFEP konfrontéiert sinn. Anescht wéi bei de Rechnunge vu Kinéë mat Praxis zu Lëtzebuerg, muss een dës Rechnunge virstrecken a kritt eréischt spéider säi Geld rembourséiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat ass momentan d'Moyenne vum Delai fir d'Zréckbezuele vun Auslandsrechnunge vu Kinéen? Wéi war den Delai d'lescht Joer ëm dës Zäit?
2. Hänken eventuell Verspéidungen hei mam neie Logiciel zesummen, deen de Minister an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°8043 erwäänt?
3. Wat kënnen d'Leit maachen, déi schonn e puer Kinésrechnungen agereecht hunn an nach kee Remboursement kritt hunn, fir d'Geld méi séier erëm ze kréien, wëssend dass verschidde Leit hei op e puer Dausend Euro Remboursement waarden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten